Réunion 06/2025

**Commune de Junglinster**

**Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être**

**Rapport de la réunion du 11/07/2024**

**Lieu de réunion : Restaurant Reilander Millen**

**Début de la réunion :** 19h00

**<u>Ordre du jour :</u>**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. Merci vum President
3. Articles MAG
4. Themenowend "Du bass waats de ess" 15.10.25 Centre Culturel am Duerf JL
5. Kuerzen GSK Debriefing vum läschte "Schouljoer"
6. Funktiounen review - NEI: "En Aa op d'Aktivitéiten an der Gemeng halen, déi mat eisen Themen ze din hun."
7. Divers

Fabrice Mousel — Président

Philippe Frisch — Secrétaire

**1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 17/06/25**

De Rapport vun der leschter Reunioun ass unanim ugeholl ginn.

**2. E Wuert vum President**

De Präsident an de Sekretär soen alle Memberen e grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an dësem Schouljoer. Si freeën sech op déi zukünfteg Projeten.

**3. Artikelen am Mag**

Fir am Lënster MAG weiderhi visibel ze bleiwen, huet d'Kommissioun festgehalen, en Artikel iwwert **Gesond Ernärung** fir den **01/09** ze veröffentlechen. Dësen Artikel soll och genotzt ginn, fir op eisen Event am Oktober opmierksam ze maachen. **Linda a Michèle** schaffen dorunner.

**Iddie fir zukünfteg Artikelen:**

- ***Youth & Work***: Zu engem spéideren Zäitpunkt wëll d'Kommissioun de Magazin notzen, fir op d'ASBL **Youth and Work** opmierksam ze maachen (méi Detailer: am leschte Rapport).
- **Omega 90** : ass ee Service, deen sech, ënnert anerem, u Kanner a Jugendlecher riicht, déi mat dem Doud oder enger schwéier Krankheet konfrontéiert sinn. Et gouf d'Iddi an de Raum gestallt, dëse Projet dem Schäfferot virzestellen, fir esou e Service an Zukunft och zu Jonglënster accessibel ze maachen.

**4. Event „Du bass, wat's de ëss“**

De **15. Oktober 2025** fënnt eisen nächste groussen Event statt. Den Owend steet ënnert dem Motto **„Du bass, wat's de ëss“** a bitt eng spannend Konferenz mat zwou Expertinnen (eng Allgemengmedezinnerin an eng Dieteticienne), déi wärend enger Stonn iwwert d'Thema „Gesond Ernierung“ schwätze.

De Programm:

- Begréissung a Virstelle vun onseree Expertinnen
- Konferenz mat Moderatioun duerch d'Kommissioun
- Virtrag vun engem Member iwwert d'App **Yuka**
- Patt (alkoholfräi) a kleng Schnittercher ginn offréiert

D'Iddi ass, de Fokus op d'Thema Gesond Ernierung ze leeën an d'Visiteuren ze sensibiliséieren. D'App Yuka, déi scho virdrun am Magazin virgestallt gouf, erméiglecht et, Liewensmëttel a Kosmetikprodukter ze scannen an iwwer d'Inhaltsstoffer informéiert ze ginn.

**Aufgaben:**

- Dialog mat den Expertinnen (Philippe)
- Traiteur fir Schnittercher kontaktéieren (Fabrice)
- Depositaire kontaktéieren (Philippe)
- Flyer erstellen (Linda)
- **Sall ass reservéiert → Opriichten den Dag virum Event**

## 5. Debriefing vum leschte Joer

D'Kommissioun ass kuerz op d'Aktivitéite vum leschte Schlouljoer agaangen. Fir d'Zukunft gouf festgehalen:

- An all Magazin soll weiderhi mindestens en Artikel vun der Kommissioun erschéngen.
- All Joer soll e gréissert Event organiséiert ginn.
- Eventer aus dem MAG an der Gemeng, besonnesch mat Lien zu eisen Themen sollen a Zukunft am Aa behale ginn.

## 6. Funktiounen-Review

**Artikelen & Medien**: Linda, Michèle, Philippe, Fabrice

**Kommunikatioun**: Fabrice, Philippe

**Mailing**: Philippe

**7.Divers**

Der Kommissioun läit et um Häerz, sech an Zukunft dofir anzesetzen, datt an der Gemeng nees en Éischt-Hëllef-Cours ugebueden gëtt.

No eisem Event am Oktober 2025 solle mir eisen Expertinnen eng kleng Gratifikatioun a Form vun engem Blummebouquet iwwerreechen.

**Resumé vun den Aufgaben**

- Budget ufroen (Philippe a Fabrice)
- Youth & Work kontaktéieren (Fabrice)
- Experten nofroen an Treffen organiséieren (Philippe)
- Devis Gedrénks (Philippe)
- Devis Schnittercher (Fabrice)
- Corbeille a Blummebouquet organiséiere (Fabrice a Francoise)

Déi nächst Reunioun fënnt den 30/09/25 statt.